

Evangelium vun Helleger Owend (Joer A - B - C)

Mt 1,1-25

G. *Den Här sief mat iech all.*

A. *An och mat lech.*

G. *Aus dem hellegen Evangelium nom Matthäus.*

A. *Dir all Éier, Här.*

- 1 Stammam vum Jesus Christus,
Jong vum David,
Jong vum Abraham:
- 2 Den Abraham war de Papp vum Isaak,
den Isaak dee vum Jakob,
de Jakob dee vum Juda an senge Bridder.
- 3 De Juda war de Papp vum Perez a vum Zerah;
hir Mamm war d'Tamar.
De Perez war de Papp vum Hezron,
den Hezron dee vum Aram,
- 4 den Aram dee vum Amminadab,
den Amminadab dee vum Nachschon,
den Nachschon dee vum Salmon.
- 5 De Salmon war de Papp vum Boaz;
deem seng Mamm war d'Rachab.
De Boaz war de Papp vum Obed;
deem seng Mamm war d'Ruth.
Den Obed war de Papp vum Jesse,
- 6 de Jesse war de Papp vum Kinnek David.
- Den David war de Papp vum Salomon;
deem seng Mamm war dem Uria seng Fra.
- 7 De Salomon war de Papp vum Rehabeam,
de Rehabeam dee vum Abia,
den Abia dee vum Asa,
- 8 den Asa dee vum Joschaphat,
de Joschaphat dee vum Joram,
de Joram dee vum Uzia.
- 9 Den Uzia war de Papp vum Jotam,
de Jotam dee vum Achaz,
den Achaz dee vum Hizkia,

- 10 den Hizkia dee vum Manasse,
de Manasse dee vum Amon,
den Amon dee vum Joschia.
- 11 De Joschia war de Papp vum Joiakin an senge Bridder;
dat war an der Zäit vun der Ëmsiidlung op Babylon.
- 12 No der Ëmsiidlung op Babylon
war de Joiakin de Papp vum Schealtiël,
de Schealtiël dee vum Zerubbabel,
13 den Zerubbabel dee vum Abihud,
den Abihud dee vum Eliakim,
den Eliakim dee vum Azor.
- 14 Den Azor war de Papp vum Zadok,
den Zadok dee vum Achim,
den Achim dee vum Eliud,
15 den Eliud dee vum Eleasar,
den Eleasar dee vum Mattan,
de Mattan dee vum Jakob.
- 16 De Jakob war de Papp vum Jouseph, der Maria hirem Mann;
si war d'Mamm vum Jesus,
dee Christus genannt gött.
- 17 Esou sinn et vum Abraham bis bei den David am Ganze
14 Generatiounen,
vum David bis bei d'Ëmsiidlung op Babylon
14 Generatiounen
a vun der Ëmsiidlung op Babylon bis bei de Christus
14 Generatiounen.
- 18 Mat dem Jesus Christus senger Gebuert war et esou:
Seng Mamm Maria war dem Jouseph versprach.
Nach éier si zesummegelieft hunn,
huet sech gewisen, datt d'Maria an aneren Ëmstänn war –
vum hellege Geesch.
- 19 De Jouseph, hire Mann,
dee gerecht war, awer si net bloussstelle wollt,
huet decidéiert, si heemlech fortzeschécken.
- 20 Iwwerdeems hien doriwwer nogeduecht huet,

ass him am Dram en Engel vum Här erschéngen
a sot: "Jouseph, Jong vum David,
fäert net, fir d'Maria, deng Fra, bei dech ze huelen!
Dat Kand, dat si erwaart,

ass nämlech vum hellege Geesch.

21 Si kritt e Jong,
dee solls du Jesus nennen,
well hien ass deen, deen säi Vollek vun senge Sënne rett."

22 All dat hei ass geschitt,
fir datt sech dat erfëlle géif,
wat den Här duerch de Prophéit gesot hat:

23 *Kuck, d'Jongfra kënnt an aner Ëmstänn
a kritt e Jong,
an hie gëtt Emmanuel genannt,
dat heescht iwwersat: Gott [ass] mat äis.*

24 Wéi de Jouseph erwächt ass,
huet hien dat gemaach,
wat dem Här säin Engel him opgedroen hat,
an hien huet seng Fra bei sech geholl.

25 Hien ass awer net mat hir zesummekomm,
bis si hire Jong kritt hat,
an hien huet dee Jong Jesus genannt.

G. Evangelium vun eiser Här Jesus Christus.

A. Dech, Christus, luewe mir.

ⁱ Is 7,14.